

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2020-180

Newsletter 1 / 2020

März 2020

Coronavirus

D'FLMP analyséiert d'Situatioun permanent a wäert iech och jidderzäit um Lafenden halen iwwert eventuell Evolutiounen.

All Wanderunge bis Enn Abrëll sinn hei zu Lëtzebuerg ofgesot an och all geféiert Wanderunge sinn annulléiert.

De Verwaltungsrot vun der FLMP wäert a senger nächster Reunioun iwwert eventuell Moosnamen diskutéiere betreffend all vun den Ofsoe concernéiert Veräiner.

Eist FLMP-Sekretariat schafft awer weider. Aus verständlech Grënn bleift eist FLMP-Sekretariat aktuell just nach iwwert Telefon (691302687) wärend de Bürosstonnen ze erreeche grad esou wéi iwwert Email: flmp@pt.lu

Bis op Weideres si keng Visitten am Büro zu Dikrech méiglech.

PW

Aktuell ass et ënnersot, fir sech onnëtz mat Auto ze beweegen a besonnesch eeler Leit sollen doheem bleiwen. **Och mir sollen eis dorunner halen an eis net mam Auto déplacéiere fir ee PW trëppelen ze goen.**

Marquage vun eise Strecken

Op eiser Generalversammlung zu Lëntgen ass vill iwwert d'Propose vum neie Marquage vun den IVV-Wanderungen diskutéiert ginn. Wéi versprach, huet de Verwaltungsrot vun der FLMP a senger leschter Sitzung sech dësem an och den anere Problemer nach eemol ugeholl.

Fir de Marquage ass folgend Reglementatioun festgehale ginn :

D'Strecke gi mat de virgeschloene giele Feiler vun der FLMP gezechent. Déi sougenannte Languetten dierfe selbstverständlech zousätzlech zu de Markéierunge benotzt ginn, esou laang dës nach zur Verfügung stinn. D'Markéierung mat den FLMP-Bännercher ass ab dem 01.01.2021 net méi erlaabt. Och net erlaabt sinn all aner „Einwegmarkéierungen“. D'FLMP wäert och keng nei Bestellung vu Markéierungsbännercher méi maachen an dës nach just esou laang liwweren, wéi der nach op Stock sinn.

Fir eise Veräiner entgéint ze kommen, huet de Verwaltungsrot beschloss, fir de Veräiner **déi éischt 50 Schëlter ze offréieren** an de **Präis fir zousätzlech Schëlter op 1.- €** d'Stéck ze reduzéieren an deemno déi restlech Käschten ze iwwerhuelen. Feiler mat engem zousätzleche Logo kënnen net geliwwert ginn.

Veräiner, déi schonns eng Commande gemaach hunn an eventuell och schonns iwwerwisen hunn, kréien natierlech d'Differenz rembourséiert.

Roll'Up

Eis Roll'Upen fir Start an Arrivée sinn eist Marketing-Zeechen a mussen op all eise Wanderunge present sinn. Dëst ass och déi eestëmmeg Meenung vum Verwaltungsrot vun der FLMP.

Weinst der aktueller Krisesituatioun a fir all weider finanziell Belaaschtung fir eis Veräiner ze reduzéieren, huet de Verwaltungsrot decidéiert, fir bis op Weideres eis Roll-Upen zu den aktuelle Konditiounen ze verléinen an eventuell d'nächst Joer nach eng Kéier iwwert eng nei Reglementatioun ze diskutéieren.

Och hu mir beim Tourismusminister eng Demande gemaach, fir eng finanziell Ënnerstëtzung ze kréien, andeems mer de Logo vu „Visit Luxembourg“ mat drop setzen.

Dës Demande hu mir awer elo erëm zréck gezunn an eis domadder solidaresch gewisen hunn mam Tourismussektor, dee momentan eng ganz schwéier Zäit muss duerchmaachen. Dës Geste ass och vum Minister ganz appreciéiert ginn.

D'Commande vun de Veräiner, déi elo schonns geäntwert hunn, hale mer momentan « en suspens ».

Behënnertegerecht a Kannerkutschegerecht Strecken

Ëmmer méi oft gi mir vu Wanderer kontaktéiert, wou gefrot gëtt, op déi verschidde Strecke kënne mat Kannerkutschen oder esou guer mat Rollstill ze maache sinn.

Dofir wär et wierklech flott, wann d'Veräiner an Zukunft och op hire Flyeren déi zousätzlech Informatiounen kënne drop setzen.

Europiade 2020

Den éisträichesche Verband ÖVV huet matgedeelt, datt spéitstens den 30. Abrëll 2020 soll eng Decisioun geholl ginn, op d'Europiade zu Sillian (Osttirol) an Toblach (Südtirol) ka stattfannen respektiv muss verluecht oder annulléiert ginn.